Diddeleng, den 8. Juli 2023

Semiray Ahmedova
[redacted]

Yves Steffen
[redacted]

Un den Här Buergermeeschter
an un de Schäfferot vun der Stad Diddeleng

Här Buergermeeschter, Dir Damme Schäffinnen, Dir Häre Schäffen,

Am Numm vun déi gréng Diddeleng biede mir Iech an der nächster Gemengerotssitzung zu folgende Froe Stellung ze huelen.

Den Donneschden 29.6.23 war en Event zu de 75 Joer Porsche am Lokal vun der "Kantin" an op der Place Thierry van Werveke. Ronderëm dësen Event (Op- an Ofbau) war deemno vill um Vëloswee/Trëppelwee lass fir d'Autoe fir d'Ausstellung op de Site ze bréngen. Dëse Site soll en ökologesche Quartier ginn, andeems den Auto net d'Haaptplaz huet, ma d'douce Mobilitéit.

<u>An deem Kontext eis Froen un de Schäfferot:</u>
- Wéieng Servicer hunn eng Autorisatioun gi fir den Event op enger ëffentlecher Gemengeplaz (place Thierry van Werveke)? Huet de Fonds du Logement och eng Autorisatioun heivir ginn?
- Huet Porsche oder d'Kantin eng Locatioun fir d'Notzung vun der ëffentlecher Plaz bezuelt?
- Wéi ass d'Notzung vun dëser ëffentlecher Plaz gereegelt?
- Kënnen och privat Leit Fester vun esou enger Envergure op dem Site feieren?
- Wéieng Moossnamen huet de service de la circulation virgesinn, fir dass d'Opbau- an Ofraumaarbechten op der Vëlospiste d'Notzer.inne vum Wee net a Gefor bréngen?

<u>Allgemeng zur Notzung vum Site dann:</u>
- Wéi ass d'Notzung vum "Chantiersparking" (am bloe Krees cf Bild) an den Emplacement vun de Blumenbacen/3 Pottoen op der Vëlospiste gereegelt?

- Fanne Kontrolle statt, dass do wierklech just Autoen driwwer fueren déi fir Liwwerung/Chantier zoustänneg sinn?
- Wat ass ugeduecht fir dass d'Wëllparken op der Wiss (beim Dirtparcours - blo marquéiert) ënnerbonne gëtt? Wëssend dass genug offiziell Parkplaze ronderëm de Site ze fanne sinn (rout marquéiert).

- Gi Clients-Parkplaze fir personnes à mobilité réduite beim Restaurant Kantin amenagéiert ?

An der Erwaardung vun Ärer Äntwert verbleiwe mer mat beschte Gréiss,

Semiray Ahmedova Yves Steffen